



Carte blanche RTL radio 6 octobre 2021

Michel MAQUIL, Président InFiNe Luxembourg

Version française

Au mois de juillet, beaucoup de familles ont été durement frappées par de graves inondations. Les dégâts et la détresse étaient immenses. L'épidémie de Covid-19, elle aussi, a causé beaucoup de souffrance.

Heureusement, le Luxembourg a réagi rapidement en déployant des moyens financiers et logistiques considérables.

La majorité des pays en développement ne peuvent toutefois pas offrir de telles aides à leurs citoyens. En cas de catastrophe, les habitants y sont livrés à eux-mêmes. Nous l'avons bien vu en Inde, où le variant Delta s'est propagé très rapidement et où des millions de personnes issues de la classe moyenne sont retombées dans la pauvreté.

S'ajoute à cela le fait que les habitants de ces pays qui font en plus partie du V20¹ sont régulièrement frappés par de grandes catastrophes naturelles². Ainsi, une importante éruption volcanique, un tremblement de terre de magnitude 6,6 sur l'échelle de Richter, et une série de tempêtes tropicales ont frappé récemment les Philippines. Plus de trois millions de personnes ont été contraintes de quitter leur logement pour se mettre à l'abri. Elles ont peu de chance de retrouver leur logement intact.

On peut partir du principe que dans les pays en développement, près de 80 % de la population ne bénéficie pas d'une protection sociale et n'a pas les moyens de souscrire une assurance privée. Dans ces pays, lorsqu'on tombe malade, on n'a pas d'autre choix que de renoncer à d'autres dépenses. Dans une telle situation, malheureusement les parents désinscrivent trop souvent les enfants de l'école car le système scolaire n'est pas gratuit. Il n'est donc guère étonnant que dans ces régions, les gens essaient de partir s'installer dans des pays où ils se sentent plus en sécurité.

Dans ce contexte, la microfinance de façon générale et de manière plus spécifique la micro-assurance, peuvent constituer à travers l'accessibilité à un outil modeste, une solution pour les personnes concernées pour les aider en cas d'urgence. Les petits agriculteurs, éleveurs

¹ <https://www.v-20.org/about>

² https://climate-insurance.org/wp-content/uploads/2021/02/The-V20-led-SIF-at-a-Glance_January-2021.pdf

et artisans ont ainsi la possibilité de se protéger, ne fût-ce qu'un petit peu, contre les infortunes, et cela, moyennant une contribution minimale.

C'est pourquoi la micro-assurance est l'un des produits financiers les plus prisés dans les pays en développement.

Cependant l'accès à la micro-assurance n'est pas gratuit. Les personnes doivent payer des primes d'assurance comme partout dans le monde. Mais celles-ci doivent être très modestes tout en permettant encore un dédommagement significatif. Pour atteindre ce but il faut mettre en place de telles infrastructures et des produits d'assurances qui permettent d'offrir ce genre de service avec un minimum de coûts. L'aide au développement en y contribuant peut accélérer cette mise en place.

Le gouvernement luxembourgeois a reconnu très tôt l'importance de la micro-assurance et a contribué dès 2012 à la création du Microinsurance Network³ ici au Luxembourg. Ce réseau plaide pour que les personnes de tous les pays et de tout milieu puissent accéder à des assurances adaptées à leur niveau de vie. Il regroupe quelque 400 professionnels issus de 60 pays.

Beaucoup de progrès ont déjà été réalisés dans le secteur, mais l'impact n'est pas encore assez important. Il convient désormais de sensibiliser les pays en développement aux conditions désastreuses dans lesquelles nombre de personnes doivent vivre. Il faut évaluer tous les risques auxquels les gens sont exposés, et essayer de maîtriser ces différents types de risques à l'aide de produits de spécifiques de micro-assurances.

Michel Maquil
Président d'InFiNe

³ <https://microinsurancenetwork.org/>

Version luxembourgeoise

Am Juli goufe vill Familien haart vun de groussen Iwwerschwemmunge getraff. De Schued an d'Leed waren immens. Och d'COVID Epidemie huet vill Leed mat sech bruecht.

Glécklecherweis gouf hei zu Lëtzebuerg séier mat finanziellen a logistesche Mëttele gehollef.

Dogéint kënnen déi meeschten Entwécklungslänner hieren Awunner keng esou Hëllef ginn. Do sinn d'Awunner sech selwer iwwerlooss. Esou hu mir dat an Indien gesinn, wéi d'Delta Variant sech massiv ausgebreet huet a Milliounen Leit aus dem klengen Mëttelstand an d'Aarmut zrëckgefall sinn.

Do derbäi kënnt, datt d'Awunner vun den Entwécklungslänner, déi zu den V20 Staate⁴ gehéieren, dann och nach regelméisseg vu groussen Naturkatastrophe getraff ginn. Esou gouf et rezent op de Philippinen: ee groussen Vulkanausbroch, een Aerdbiewe vu 6,6 op der Richterskala an derbäi och nach eng Rei tropesch Stierm. Am ganzen hu méi wéi 3 Milliounen Leit missen hiert Haus verloossen, fir sech a Sécherheet ze bréngen

Et kann een dervun ausgoen datt an den Entwécklungslänner ronn 80% vun der Bevëlkerung keng nennenswaert sozial Ofsécherung huet an och kaum d'Méiglechkeet huet sech privat ofzesécheren. Wann z.B. ee krank gëtt an deene Länner ass et meeschtens esou datt da muss eng aner Depense gestrach ginn. Leider ginn dann oft d'Kanner aus der Schoul geholl, well déi net gratis ass. Mir dierfen eis dann net verwonneren datt vill Leit aus esou Géigende versichen a Länner ze zéien wou se sech méi sécher fillen.

An deem Kontext huet d'Mikrofinanz am allgemengen, an d'Mikroversécherung am besonneschen, eng Léisung ze bidden fir de Beträffenen eng bescheide Méiglechkeet ze gi sech a Nout selwer ze hëllefen. Esou kënnen kleng Baueren, Zichter an Handwierker sech mat engem minimalen Asaz géint esou Schicksalschlei, op manst, e bësje ofsécheren.

Do wéinst ass d'Mikroversécherung, ee vun de meescht gefroten Finanzprodukter an den Entwécklungslänner, ginn.

Am Sënn vun der Entwécklungshëllef wier et elo awer net fir de Beträffenenen d'Primen ze bezuelen, mais just ze suergen datt déi néideg Infrastrukturen a virun allem och déi Versécherungsprodukter esou geschafe gi fir datt d'Déngschleeschtunge mat engem minimalen Opwand kënnen ugebuede ginn.

⁴ <https://www.v-20.org/about>

D'Lëtzebuurger Regierung hat fréi erkannt wéi wichteg d'Mikroversécherunge wieren an huet schon 2012 gehollef datt hei zu Lëtzebuerg de "Micro Insurance Network"⁵ geschaafe gouf. Dee Reseau opéiert fir datt Leit aus alle Länner an aus alle Schichte vun der Bevëlkerung accés kréien zu Versécherungen, déi hierem Liewensstandard ugepasst sinn. Dëse Reseau regruppéiert eng 400 Professionneller aus 60 Länner.

Et ass scho vill erreecht ginn, awer den Impakt ass nach net grouss genuch. Et gëllt elo méi d'Bewosstsinn an den entwéckelte Länner ze schafen, wat déi desastréis Bedingungen betrëfft, ënnert deenen vill Leit musse liewen. An da mussen all déi Risiken ageschat ginn deenen déi Leit ausgesat sinn fir dann do mat spezifesch Mikroversécherungen ze versichen déi verschidden Typen vu Risiken an de Grëff ze kréien.

Michel Maquil
President vun InFiNe

⁵ <https://microinsurancenetWORK.org/>